N°551
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vum Här Sportsminister an dem Minister fir Education, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro Nr. 551 vum 28. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **Kuckt een sech déi verschidden Aussoen aus dem Projet de règlement un a vergläicht se mat dem Avis zum Projet de règlement vum Conseil d'Etat an den Äntwerten op d'parlamentaresch Fro n°110, sou stinn déi an engem däitleche Widdersproch zueneen. Kënnen d'Ministeren erklären, wéi et zou sou engem Widdersproch konnt kommen?**

   Mir sinn der Meenung, datt et kee Widdersproch gëtt an den Aussoen an dësem Dossier.

   An all den Äntwerten op déi verschidde parlamentaresch Froen, déi zanter 2022 gestallt goufen (Nr. 6577 vum 29.07.2022; Nr. 6578 vum 29.07.2022; Nr. 7819 vum 24.03.2023; Nr. 8040 vum 26.05.2023; Nr. 8318 vum 15.09.2023; Nr. 110 vum 14.12.2023), ass ëmmer gesot ginn, datt et zu all Moment eng legal Basis, am Sënn vu gesetzlecher Basis, gouf fir d'Ausbezuele vun den externe Mataarbechter aus de Formatiounszenteren.

   Ugangs war dat den Artikel 13 vum 1988er Gesetz iwwert déi administrativ Struktur vum Sport. Dësen Artikel ass awer ofgeschaaft zanter dem 1.10.2023 duerch d'Gesetz vum 29.07.2023 iwwert d'Schafung vum INAPS.

   Zanter dem 4. August 2023 ass déi nei legal Basis de modifizéierten Artikel 4 vum 2005er Gesetz a Kraaft, esou wéi och dat groossherzoglecht Reglement vum 23. August 2023 iwwert d'Bezuele vun de Mataarbechter an de Formatiounszenteren, dat zanter dem 15.09.2023 applikabel ass.

2. **Kënnen d'Ministeren erklären, firwat net rechtzäiteg eng adequat Base légale geschaf gouf?**

   Dësen Dossier huet, duerch verschidden Uersaachen, missen ugepasst ginn.

   D'Problematik ass am Juli 2022 opgeworf ginn an de 15.09.2023 war esouwuel déi nei legal Basis a Kraaft, wéi och dat groossherzoglecht Reglement fir d'Ausbezuele vun den

externe Mataarbechter aus de Formatiounszenteren. Deemno ass ganz séier an dësem Dossier gehandelt ginn, fir ze assuréieren, datt d'Formatiounszentere weider konnte funktionéieren.

**Lëtzebuerg, de 30. Abrëll 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo